Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6879 aus der Legislaturperiod 2018 – 2023 huet déi deemoleg Regierung am Hibléck op méiglech Schuedensersazprozesser géint Lëtzebuerg virun internationale Schidsgeriichter, opgrond vu Verstéiss vun de Russlandsanktioune géint d'Schutzrechter vun Investisseuren ënner anerem dat hei geäntwert: "*Deementspriechend sinn och d'Revendicatiounen déi kéinten op der Basis vun engem Investitiounsschutzofkommen opbruecht ginn limitéiert. Prinzipiell ass net auszeschléissen datt en Investisseur kéint géint Memberstaaten virgoen. D'Analyse vun dësen Aspekter, déi zesummen mat den EU Institutiounen an den aneren Memberstaaten diskutéiert goufen, huet e Succès vun esou Prozeduren awer als net warscheinlech ageschat. Et goufen bis ewell och keng Schuedensersatzfuerderungen géint Lëtzebuerg opbruecht, weder am Kader vun den aktuellen Sanktiounen géint Russland, nach a fréieren Sanktiounsregimer déi Lëtzebuerg iwwert déi leschte Joer ëmgesat huet*".

Esou wéi Reporter.lu schreift, ass awer genee dee Fall agetratt. Schonn am Februar huet e russesche Staatsbierger dem Staat eng sougenannt "Notice of Dispute" zoustelle gelooss, fir Lëtzebuerg opgrond vun engem Investitiounsschutzofkommes tëschent der Lëtzebuergesch-Belscher Wirtschaftsunioun vun 1989 mat der Sowjetunioun, dat vun der aktueller Russescher Federatioun iwwerholl gouf, unzesichen. De gefuerderte Schuedensersatz beleeft sech op 15 Milliarden Euro an domat iwwer ongeféier en hallwe Staatsbudget. No Aschätzung vun internationalen Experten ass net ausgeschloss, datt d'Geriicht senge Fuerderungen nokënnt, net zulescht well virun esou internationale Gremien net d'EU-Texter mee d'Investitiounsofkommes déi entscheedend legal Basis duerstellen. Am Fall vun enger Verurteelung kéinte weider Prozesser nokommen, anerefalls géifen trotzdeem eleng d'Prozesskäschte Reporter.lu no en héije Milliounebetrag ausmaachen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi begrënnt den Här Bausseminister déi Decisioun, den Agank vun der "Notice of Dispute" säit dem Februar ze "verheemlechen", wéi Reporter.lu et schreift? War dee Schratt mam Här Staatsminister ofgeschwat? Gesäit d'Regierung vir, dat Dokument dem Parlament nodréiglech esou séier wéi méiglech zouzestellen?
2) Wéi wëll d'Regierung an dësem Fall virgoen? Gëtt e Schidsgeriicht zesummegestallt? Wa jo, wéi a wéini? Wéi eng national an international Experte sinn an deem Gremium vertrueden?
3) Wéi héich schätzt d'Regierung d'Käschte vun deem Prozess an?
4) Kéint d'Regierung sech virstellen, d'Sanktioune géint déi viséiert Persoun am Kader vun eiser nationaler Souveränitéit preventiv auszesetzen, fir z.B. op eng

baussegeriichtlech Eenegung hinzewierken an domat en eventuelle Schued vu Lëtzebuerg ewechzehalen?

5) Am Prozess wäert och d'Fro vun der Nationalitéit eng Roll spillen. Et stellt sech d'Fro, op sanktionéiert Persounen net och en zweete Pass vu befrënnten oder alliéierte Staate kéinten hunn, mat deene Lëtzebuerg och entspriechend Handelsaccorden ënnerschriwwen huet an iwwert dee Wee och an anere Fäll kéint ugesicht ginn. Gesäit d'Regierung iwwer dee Wee d'Gefor vu weidere juristesche Prozedure géint Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten